Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 20te Februar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Am Kader vun der Fermeture vun de sëlleche Guicheten uechtert d'Land goufe vun alle Parteie parlamentaresch Ufroe gestallt a beäntwert. D'Decisioun, d'Guicheten zou ze maachen, ass am Conseil d'Administration vun der Spuerkeess (BCEE) gefall. D'Statute vun dësem Organ sinn iwwerdeems der Dageszeitung "LeQuotidien" no, zanter 1989 net adaptéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilte Mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Här Minister wei vill Vertrieder vum Staat hunn am Conseil d'Administration vun der Spuerkeess (BCEE) fir d'Fermeture vun de Guichete gestëmmt ? Wei vill Vertrieder vum Staat hunn dergéint gestëmmt ?

2. Här Minister, gouf et virum Vott eng Concertatioun tëscht de Verwaltungsrotsmemberen an dem Ministère ? Wa jo wéini ?

3. Wat ass de geneeë Wuertlaut vum Punkt iwwert deen de Verwaltungsrot vun der Spuerkeess (BCEE) ofgestëmmt huet an dee schlussendlech d'Fermeture vun de Guicheten aktéiert huet ?

4. Här Minister, gëtt envisagéiert d'Statute vum Conseil d'Administration vun der Spuerkeess (BCEE) ze modifiéieren ?

Mat héijem Respekt,

Sven CLEMENT & Marc GOERGEN
Députéierten